# „LEIT MATHUELEN“ A „NET NERVEN“: WOUHINNER, MAT WÉI ENGEM RESULTAT ?

## RIED VUM BLANCHE WEBER, PRESIDENTIN MOUVEMENT ECOLOGIQUE

## OEKOFEST 2026

Rezent huet d'Spriecherin vu **Psychologist for Future** an enger Konferenz bei eis d'Leit am Sall folgendes gefrot: *Wéi e Gefill verbannt dir mat der Klimaverännerung?* Angscht, ma och Roserei, wuaren déi Haptäntwerten. Déi Gefiller géifen als éischt Reaktioun am meeschte genannt, sot d'Psychologin. Mais wann ee mei déif géing kucken, da wäer en anert Gefill prägend: an zwar d'**Trauer**. Trauer driwwer, datt mäer Menschen déi Entwécklung, déi mäer dëse Summer besonnesch staark ze spiere kruten, net verhënnert hunn an et esou wäit konnt kommen. Trauer, wéi wann e Mensch gestuerwen ass, iwwert dat wat wuel definitiv verluer ass, net méi erëmkënnt a wat mäer eise Kanner net méi hannerloosse wäerten. Gletscher, vill schéi Planzen- an Déierenaarten, iwwert d'halschent vun de Koralleriffer, onbeschwéiert Summeren an agreablen Temperaturen … Ma och Angscht, wat op eis zoukënnt.

Déi Analyse vun der Ëmweltpsychologin huet mech immens beréiert. Du sinn ech mäer esou richteg bewosst ginn, datt ech selwer dëse Summer genau dat do Gefill haat. Jo, niewent dem Ëmgang mat der onerdräglecher Hëtzt an der vläicht och deelweis naiver Suerg wat eenzel Deieren bei däer Dréchent drénken, der Fro wat mat de Beem an eise Bëscher geschitt, wéi et vulnerable Leit a neigebuerene Puppelcher an iwwerhëtzte Kliniken geet … a wéi et an 10, 20 a méi Joeren wäert sinn hat ech och folgend Gefill: Zeg Leit, Wëssenschaftler:innen, d'Zivilgesellschaft … engagéiere sech zenter Joeren, e Meco zenter méi wéi 50 Joer, fir de Schutz vum Klima an der Biodiversitéit. Dat oft iwwert eis mënschlech Grenzen eraus. **An awer krute mäer d'Entwécklung déi sech an dësem Summer besonnesch gewisen huet net verhënnert.** D'Bränn am Hohen Venn, wou mäer wuel baal all schon eng Kéier trëppelen oder Velo fueren waren, d'Loft déi och bei eis düster an ätzend wéi am Smog wuar … hunn du nach e Coup drop gesaat.

## Klimaschutz muss ëmmer waarden: „Acquisen“ gi fir!

Du wuar och nach d'**Katastrophe am Nepal**, gigantesch Fluten déi dausende Leit hiert Heem an och hiert Liewe kascht hunn. Eng Katastrophe, déi elo erëm aus de Medie verschwonnen ass. Wee weess hei bei eis, wéi et de Leit do elo geet? Wuel déi wéinegst vun eis. Et wuar eng Noriicht ënnert villen am Summerlach. Hu mäer eis dru gewinnt, huele mäer et einfach esou hinn, datt duerch eist Verhaalen Leit am Süden hier Liewensgrondlagen, hiert Heem an hiert Liewe verléieren? Et schonn zegdausenden, jo honnertdausende Klimaflüchtlinge gëtt an déi Zuel onwéigerlech wäert massiv zouhuelen? Hu mäer eis dru gewinnt? Als Member vun engem internationale Bündnis vun Ëmwelt-ONGen krute mäer no der Katastrophe am Nepal vill Message vu Kolleg:innen aus Asien, dem Pazific… wou si ganz kloer hier Roserei ausgedréckt hunn. Roserei virun allem, well mäer an de räiche Länner genau wëssen, wéi eng Schold mäer grad op eis lueden wëll mäer d'Klima- an d'Biodiversitéitskatastrophe net serieux a séier genuch uginn. Mäer probéieren se jhust op eng „pragmatesch“ Art a Weis ze verhënneren, esou laang et eis net weih deed, esou laang mäer hëchstens vun engem Verbrenner- ob eng E-Auto sollen ëmklammen (an da nach, well wann een an d'Vakanz fiert muss ee

beim Tanke vläicht wuarden…) … wohlwissend, wéi e Präiss d'Leit am Süden musse fir eise Pragmatismus bezuelen.

**D'Kolleg:innen aus dem Süden hunn dann och eis als ONGen aus dem Norden an engem gewësse Sënn de Reproche gemaach, datt mäer net huard, konsequent a vläicht och net radikal genuch soen, datt et esou net weider goe kann.** An eigentlech fannen ech, datt si Recht hunn! Mäer hunn eis awer iergendwéi als Länner vum Norden an eiser Wuelstandsbulle – an däer mär trotz grousse sozialen Ongerechtegkeeten awer nach zu vill dra sinn - arrangéiert a maachen Klima- a Biodiversitéitsschutz esou laang wéi e vun eis **kéng wierklech Verännerung** verlangt – als Menschen an als Gesellschaft. - Klénge Seitenhieb an deem Kontext: de Landwirtschaftsministère fuerdert z.B. just Biobananen als Schouluebst, ma bei eisen Äppel däerfen et gären däer mat Pestizide sinn. Am Süde solle se kucken anescht a bio ze produzéieren, ma eis as dat net zouzemudden… emol net dat packe mäer...

## Eise Pragmatismus – dramatesch Konsequenzen fir d'Menschen am Süden

Ma en anert aktuellt Beispill seet besonnesch vill aus: De Staat huet decidéiert en Deel vun de geklommenen Käschte vun den Diesel- a Benzinspräisser an och Mazoutpräisser ze iwwerhuelen. Dat obwuel zeguer klassesch Ekonome soen, datt et Quatsch an e grousse Feeler ass. Datt finanziell schwaach Leit solle gehollef kréien ass wuel Konsens. Ma neen, de Staat hëlleft elo jiddferengem, och de ganz finanzstaarken Haushalter …. Well do kennt jo nach den Index an de villbeschwatene Kaafkraftverloscht. An dat gliddegt Eise „kënne“ mäer net upaacken, do fanne mäer kéng Leisung tëscht Staat, Patron a Gewerkschaften … **Da muss de Klimaschutz sech ebe nach gedëllegen an duerfir verbrenne mäer och nach mat der Géisskaan honnerte Milliounen Steiergelder fir eng Ënnerstetzung vun fossillen Energien fir Jiddfereen**… **Et gouf vermeintlech keen anere Wee, et wuar ee nun emol schlecht drunn …** Esou verhënnert d'Festhaalen un aale Musteren eng sozialgerecht Transitioun, op Käschte vun de Schwaachen, der Natur an eise Kanner.

Anert Beispill: Mäer brauchen eng flächegebonne **Landwirtschaft** – de Fleeschkonsum muss mat alle Mëttele reduzéiert ginn. Ma d'Subside kréie mäer jo net ëmgestallt (si si e Naturgesetz?) an iwwerhaapt: hu mäer net all Dag en Urecht ob Fleesch? Muss dat net eis Fräiheet sinn? Dann importéiere mäer ebe monter weider Soja asw. aus de Länner vum Süden. Verschidde Multinationalen setzen dann och am Süde Pestiziden an, déi esou eendeiteg schiedlech sinn, datt se bei eis net genotzt däerfe ginn: ma firwaat solle mäer eise Firmen verbidden déi hei ze produzéieren, dat géing ze wäit, déi hëllefen dach eisem Wuesstëm, sinn d'Basis vun eisem vermeintleche Wuelsstandsmodell. Bëllegkleeder an technesche Schnick-Schnack iwwert digital Bëlleganbieter e.a. vun Temu a Shein mat enormem Ressourceverbrauch an deelweis produzéiert ënnert onméiglече Bedinungungen: Jo wat soll ee scho maachen. Mäer brauchen de Wuesstëm … A wa mäer deen hunn, jo dann … da kucke mäer weider. Wat eng irresponsabel Haltung! Firwat toleréiere mäer dat do? Wat eng Hyprocrisie.

A jhust nach als Info: D'Kollegen aus dem Nepal aus eisem internationale Bündnis hunn dann och nach gesot, datt si virun 8 Joer – jo genau, virun 8 Joer – international Hëllef versprach kruten fir ' Katastrophe ze verhënneren, wéi se elo dëse Summer agetrueden ass. Ma et gouf gewuard. Et goufe wuel erëm méi „dringend“ Dossieren, kuerzfristeg vermeintlech méi wichteg Krisen bei eis …

Mäer hu gewuard! Gewuard, wéi iwwregens och wéini déi **Jonk vu Kliko a vun der Jugendsektioun move. vum Mouvement** an enger Aktioun mat engem Theaterstéck virun der Chamber op exzellent Art a Weis gewisen hunn. Eng Moderatrice wuart op Politiker:innen, déi sollen an hier Talkshow kommen a soen, wat si wierklech géint d'Klimakatastrophe maache wëllen. A si wuart a wuart … an du wuar d'Stéck iergend eng Kéier eriwwer, ouni datt ee Politiker:in opgetaucht ass. D'Schlusswuert vun der Moderatrice: Da musse mäer wuel nach e besje wuarden. Wat eng genial Iddi! Wat eng treffend Duerstellung! A merci un Iech méi Jonk fir dës Aktioun an Ären Engagement!

**Et kann e baal soen: D'Temperature klammem am Ablack méi schnell, wéi de wierkleche Wëllen eppes ze veränneren.**

Déi vun Iech, déi de Mouvement besser kënnen wëssen, datt eisen Engagement drop baséiert, datt mäer **fir Idealer antrieden, eng positiv Zukunftsgestaltung, der fundamentaler Iwwerzéchung sinn, datt sech Engagement lount an een ëppes erreeche kann. Jo, mäer sinn a bléiwen hoffnungsvoll.** A jhust zur Erënnerung: Wärend Joere wuaren et virun allem mäer mat enger dach klénger Zuel vu Gewerkschaftler:innen a Politiker:innen, déi sech géint de politesche Mainstream a fir den Tram agesat hunn. Et wuare Leit wéi eng Biergerinitiativ Museldall a couragéiert Politiker:innen grad wéi och eis Organisatioun, déi verhënnert hunn, datt et d'Atomkraftwierk Remerschen gëtt (wéi dat wuel elo dëse Summer gekillt gi wäer…), datt et haut Naturparken am Land gëtt … a villes méi. Et ass och schlussendlech d'Initiativ vun engem Mouvement gewiecht, datt Naturschutzsyndikater gegrënnt gi sinn. **Engagement lount sech. A jo, mäer hunn trotz allem ëppes erreecht! A jo, mäer maache wéider.**

**Ma ech menge et gëtt och kruzial Momenter an der Geschicht wou ee muss soen: Mäer sinn elo an enger vun den entscheedenste Phase vun der Entwécklung vun der Menschheet. Et ass elo nët méi mat eenzelne Moosname gedoen. Mäer decidéieren elo haut, ob mäer den Erhalt vun eise Liewensgrondlagen fir eis an déi nächst Generatiounen am wichtegsten ugesinn, oder de kuerzfristege Wuesstem, d'Verharren an aale Léisungen! Alles zesumme geet net! Jo, mäer brauchen elo déi richteg sozial-ekologesch Transitioun a mäer mussen déi méi radikal akloen.**

**Wëll am Ablack ass déi politesch a gesellschaftlech Äntwert nach „Verharren", Aussetzen, Aen zou virun de Katastrophen am Süde vun dëser Welt, an eigentlech och ouni Matgefill zu deene betraffene Leit an och eise Kanner. Mäer sollen eis och näischt virmaachen: et läit Sprengstoff an den ekrasante weltwäiten Ongerechtegkeeten.**

**An déi Jonk däerfen a musse rose mat eis sinn, datt eis eist Festhaalen un eisem deeglechen Traintrain an eisen Acquis'en méi wichteg ass wéi hier Zukunft!**

## Konkret Weeër fir eng sozial-gerecht Transitioun – Lëtzebuerg verpasst se grad!

**Mais et gëtt ëmmer mei Leit déi spieren, datt et esou net weider goe kann a wat fir eng grouss Chance an Hoffnungen an engem anere Gesellschafts- a Wirtschaftsmodell leien. Mäer soen et esou oft: Soziales a Mateneen amplaz Konkurrenzdenken a Konsum. Ma wéi eng Viraussetzunge brauch ee fir déi Transitioun?**

De Psycholog, Maart- a Gesellschaftsfuerscher Stephan Grünewald sot wéini – an do ass hee ganz no mat villen aneren Gesellschaftswëssenschaftler – mäer bréichte 6 Punkten fir an eiser Gesellschaft virun ze kommen:

- ### Zentralen éischte Punkt wäer eng éierlech Beschreiwung vun de Problemer!

  Direkt beim éischte Punkt happert et scho bei eis, wéi scho just déi puer folgend Beispiller weisen:
  * De Minister Serge Wilmes gëtt net midd, freedeg betount an houfreg ze soen, datt Lëtzebuerg zeguer 3% méi $CO_2$ aspuert, wéi geméiss Klimagesetz néideg wäer a mäer eis Klimaziler méi wéi ereeche géingen. Jo, insgesamt schonn. Ma hee weess awer genau, datt dat just dank den $CO_2$-Reduktiounen an der Mobiliéit, an do virun allem dem Tanktourismus de Fall ass. An hee weess ganz genau, datt d'Emissiounen am Beräich Wunnen / Gebaier zeguer am Géigendeel an d'Luucht ginn, an zwar massiv. D'selwecht bei der Industrie. Also, net nëmmen, datt mäer an deene Secteuren d'Emissioune net esou reduzéieren wéi et festgeschriwwen ass, ma genau de Contraire geschitt. **Dem Ëmweltminister seng Roll ass et dach opgrond vu klore Fakten, d'Défisen déi nach virun eis stinn, d'Hürden a wéi eng Viraussetzungen et gëtt, fir ze ze iwwerwannen, ze benënnen. Jhust déi eege Politik ze rechtfertegen an ze luewen ass dem Usproch vun engem Ëmweltministère net würdeg**.

  An: Wat et méi laang an déi falsch Richtung weider geet, wat et fir déi Secteuren ëmmer méi schweier wäert ginn, ëmmer méi drastesch Agrëffer wäerte néideg ginn. Bei de Gebaier heescht et z.B. och,

datt d'Leit vill ze vill an vill ze laang den heige Gaspräisser ausgesaat wäerte sinn!

* Da seet de Minister nach den neien Entworf vum **Naturschutzgesetz** géing zu méi Gréngs an eisen Uertschaften féieren, well elo misst z.B. bei neie Siedlungen 10% Gréngs ugeluecht ginn an all Gemeng sollt mindestens 20% vu bestëmmte Gréngstrukturen hunn. Datt duerfir higeholl gëtt, datt da Gréngs op anere Plazen ersatzlos däerf zerstéiert ginn – also net mei muss kompenséiet ginn (mat alle Nodeeler fir Leit déi grad op deene Plaze wunnen) – an eng ganz Reih Gemengen schon elo déi 20% ereechen seet e net! Heescht dat also wierklech méi Gréngs? Nee! Glad a guer net. Zeguer mat besje Pesch manner. Dat grad elo no dësem Summer! Wann ee wierklech méi Gréngs well, da gëtt et vill besser Weeër, wéi z.B. en obligatorescht Gréngkonzept fir all Gemeng. Ma dovunner heiert een nach näischt.

* Nach en drëtt Beispill: **Pestiziden an der Landwirtschaft**. Analyse weisen, datt konventionell zu Lëtzebuerg produzéiert Äppel mat bis zu 8 Pestizide belaascht sinn. Ma fir déi Cocktailen u Pestizide gëtt et kéng Grenzwäerter. A well et duefir kéng Grenzwäerter gëtt ma jhust fir eenzel Pestiziden, ass gemäss eiser Landwirtschaftsminsterin alles ok, esou laang ebe beim eenzele Pestizid de Grenzwäert ënnerschratt ass. Wéi sot e Kolleg: Da kéint e Vollert an enger Alkoholskontroll soen: Ech si net voll wann een de Beier, de Wäin an d'Drëpp eenzel kuckt. Wat eng absurd Situatioun. A Frankreich si Krankheeten, déi duerch de Pestizidasaz ausgeléist ginn - zeguer bei de Kanner vun de Betraffenen, déi z.B. während der Schwangerschaft enger Belaaschtung ausgesaat wuaren – als Berufskrankheet vu Krankekeesen unerkannt. De 14. Oktober sinn ob eis Aluedung 3 betraffe Persounen – déi noweislech duerch Pestiziden Kribs oder Parkinson hunn – an den Direkter vun de Krankekeese bei eis am Land ob Besuch fir eng ëffentlech Veranstaltung. Mäer hoffen, datt hier Témoignagen an hier Ureegunge wéi een et sollt besser maachen hëllefen, datt och bei eis den Thema méi eecht geholl gëtt. Bei der Politik, awer och an de betraffene Secteuren. Leider hat kee vun de Ministeren – M. Hansen, M. Deprez a S. Wilmes – Zäit op eng Veranstaltung mat hinnen ze kommen. Ma de Betraffenen hir couragéiert Stëmm wäert, do si mäer als Meco iwwerzeecht, awer eppes beweegen, vläicht och bei der Gesondheetsministesch.

Fazit: **Amplaz d'Welt an d'Lëtzebuerger Démarche schéin ze rieden, wéi eis Ministeren e.a. am Beräich Ëmwelt a Landwirtschaft et maachen, gëllt et Fakten op den Dësch an de Fanger op d'Wonne ze leeën, Hürden an Handlungsdefiziter a Saachen Nohaltegkeet ze benennen an ze soen wéi se kéinten iwwerwonne ginn. An domatt géing d'Politik Gréisst weisen a weisen, datt se hierer Aufgab politesch gewues ass an eng laangfristeg Perspektiv am Sënn huet.**

- **2 Pillier: En Zukunftsbild opweisen, dat Loscht mecht lasszegoen.**

Well wat ass de Creno bei eis? D'Leit mathuelen a net nerven. Jiddfereen ass derfir fir Leit matzehuelen. Ma ech weess nach ëmmer net wuerhinner. Huet d'Regierung, Gewerkschaften, mäer als Gesellschaft en Zukunftsbild wuer mäer hiwellen? Hu mäer eng Virstellung wéi eng Gesellschaft vu muar kann ausgesin, déi de natierleche Grenze vum Planéit Rechnung dreit? Hu mäer eng Zukunftsvisioun, déi och net nëmmen duerleed, wat „muss" gemaach ginn, mais wou och Loscht mecht? Wou ee sech drop freet? Wou et net nëmmen ëm verdeedege vun Acquis'en, deelweis och Léisunge vu freier geet, ma ëm e positivt Zukunftsbild?

Wann een eierlech ass, dann ass d'Äntwert: nee. D'Debatt dreit vill ze vill ëm e.a. Besëtzstandbewahrung fir gewëss (!) Bevëlkerungsdeeler, mäer schaffe net un engem gemeinsamen Zukunftsbild, och fir Jonker Courage ze maachen, a jo mäer diskutéiere mol net genuch dodriwwer.

Ma wann ee well, datt Leit un d'Zukunft gleewen, sech net op sech zeréckzeien a just no hierem Kléngkléng kucken, Changementer matdroen – sief et aus ekologeschen oder soziale Grënn - da brauche mäer dat Zukunftsbild. Och fir Décisiounen huelen ze kënnen, déi eis eppes ofverlangen.

**Duerfir de Message ass kloer: Politik, Gewerkschaften, Patronat, Zivilgesellschaft: Gemeinsam musse mäer de Bléck oppe maachen fir eng offen Debatt driwwer ze féieren, wéi eng Zukunft mäer eis wënsche. Wéi mäer muar gutt Liewen fir all – also och fir déi, di an eiser Gesellschaft benodeelegt sinn – definéieren. Mäer mussen et fäerdeg bréngen, wéi de Ivan Krastev et seet, eis eng Welt virzestellen, déi anescht ass wéi déi haut.**

- ## Drëtte Pillier: Jiddfereen muss d'Gefill hunn eppes bäidroen ze kënnen an d'Entwécklung soll zesummen, fair a sozialgerecht sinn:

Et gëtt effektiv zeg Analysen déi opweisen: Wa Leit wëssen, datt Décisioune am ekologesche Beräich och wierklech eppes bréngen, fair a gerecht sinn, da fannen se an der Reegel och eng grouss Akzeptanz. Net jiddfereen ass derfir, an am Ufank ass och eng gewëss Opreegung, ma déi leed sech an et huet een oft vill méi eng breed Zoustëmmung zu Décisioune wéi ee mengt. Iwwregens: och do huet d'Spriecherin vu Scientist for Future wéini e scho mi lang bekannte Fakt gesot: Wann ee Leit freet, ob si bereed sinn Ännerungen matzemaachen fir eis Liewensgrondlagen ze erhaalen, dann äussere ganz vill Leit dës Bereedschaft. Oft eng 80%. Wann ee freet, ob déi selwecht Leit mengen, datt och déi aner derzou bereed sinn, dann ass dat anescht. Si menge net, datt déi aner Leit bereed sinn. Am Kloertext: mäer sinn zu ganz vill bereed Verännerungen ze akzeptéieren, mengen awer fälschlecherweis, déi aner wäeren et net.

**Fairheet, sozial Gerechtegkeet, de Noweis datt Moossnamen eppes bréngе sinn déi entscheedend Stechwieder fir d'Transitioun. An déi stinn awer an engem gewësse Sënn am kloere Géigesaz zu dem Duktus vun eiser Regierung deen do ass: „net nerven" a „Leit jhust mathuelen**". Wëll domatt gëtt e.a. d'Verantwortung virun allem och op den Eenzelne verlagert (an zudiem net onbedengt fair opgedeelt). Ma d'Léisung vu grousse Problemer kann ee net dem Eenzelnen opbierden. Mäer mussen un de grousse Stellschrauwen dreinen, fir zukunftsfäheg ze ginn, also muss **d'Politik de kloere Kader fir jiddfereen setzen an dee fair a gerecht gestalten fir datt kloer Zieler** erreecht ginn.

**Ma dat mat „d'Leit mathuelen" ass dann och nach esou eng Saach, wann d'Politik sech selwer absolut net konsequent ass.** D'Regierung plangt leider drastesch Réckschrëtter am Klimaschutz – wëll se d'Leit dohinner mathuelen? Just 3 Beispiller:

- Mäer wellen theoretesch de Klima schützen, ma **d'Flugbeweegegunge** solle massiv zouhuelen, se solle sech bis 20250 verduebelen, 10 Millioune Passagéier ginn ugestriewt an 1 Milliard (!) soll investéiert ginn! Dat obwuel zu 100% feststeet, datt mäer meilewäit dervun ewech sinn, datt muar Fliger klimaneutral wäerte sinn. An da vun de Leit erwarden, datt se awer Efforte maachen a manner fleien! Wat e Widersproch, wéi verlugen ass dat!

- **Dossier Rechenzentrum vu Google:** Mäer sollen all Energie spueren, dat ass jo richteg. Ma zu Bissen gëtt enger amerikanscher Firma de rouden Teppech ausgerullt. Mäer hunn elo dës Woch eng Plainte virum Verwaltungsgeriicht eragereecht, well d'Regierung et Google zeguer duerchgoe leist, datt hieren Energiemanagement e Betriebsgeheimis wäer. Dat muss ee sech emol virstellen: Google wäert esou vill Energie verbrauchen wéi all Privatsteit aus Lëtzebuerg zesummen, ma si kommen dermatt duerch kéng Infoen derzou mussen ze ginn. Se mussen emol net uginn, firwat se en technesche Standard huelen, deen ënnert hierem weltwäiten läit! Eis Regierung hätschelt hei eng Firma, déi d'Energietransitioun verhënnert, vu Froen vun Demokratie, fräiem Informatiounszougang an och souveraineté numérique an Europa ganz ofgesinn!

- **Plug-in-Hybriden**: Geméiss Regierungsprojet solle si erëm méi attraktiv als Déngschtween ginn. Dat mat der franchement abstruser Ausso, et wéilt een esou Leit mathuelen, déi nach net vun E-Autoen iwwerzeecht wieren. Ma déi läscht Joeren gouf dës Technologie bei den Déngschtween zurecht net

mei wierklech gefërdert, firwat elo de Rollback? Desto méi wéi an der Tëschenzäit E-Autoe nach méi performant gi sinn… De Message vun der Regierung muss ganz kloer an ouni Ambiguitéit sinn: E-Autoe sinn esou gutt wéi nach ni, et gëtt absolut kee Grond en aneren Auto ze kaafen (iwwregens och als Regierungsautoen, wou scheinbar erëm méi Hybride gefuer ginn wéi ënnert der leschter Regierung. Esou weit ech wees, ass kéng Setzung ausgefall, well een eng Kéier keng E-Borne fir e Minister fonnt haat). Dësen Dossier steet symbolesch fir den Usproch vun der Regierung am Klimaberäich. Zitt dës Ännerungspropse zeréck!

Déi **Duebelsprooch**, dee „**souwuel wéi och**", déi franchement „**Doppelzüngegkeet**" vun der Regierung geet net! Déi Réckschrëtter wären duerch näischt ze verdeedegen!! **An da soll een och wierklech net mei dervu schwätzen d'Leit matzehuelen, wa Regierungsdécisiounen an all Richtung dréinen.** **Do gi mäer all zurecht dronken an et geet net virun, wëll kee klore politesche Choix ze erkënnen ass.**

Ma ech wëll nach ee Satz zu „Leit mat huelen" soen. Et laafen Efforten oder éischt Usäz, fir endlech och **Leit mat manner Finanzmëttelen an der Transitioun matzehuelen**. Déi erkenne mäer un. Ma et geet esou guer guer net duer. Just eng Ausso : Ze soen all Gelder, déi bis elo fir déi 44 Moossname fir d'Ëmsetzung vum Klimasozialplang virgesi sinn, gi fir eng enzeg Moosnam – dem Leasing social vun E-Autoen – ausginn. Aner Gelder fir déi aner 44 Moosname si nach net bewëllegt. Et gi secher nach Gelder investéiert. Ma nach feelt eise de kloere Message. Do fehlt et u Punch, un Entschlossenheet. Déi sozial Dimensioun vun der Transitioun muss nach vill méi en Thema ginn!

- **Erkennbar Etappenerfolger weisen an duerleeën, wat d'Moossname fir engem säi Liewe bedeiten** … sinn, fir komplett ze sinn, déi läscht 2 Punkte vum Gesellschaftsfuerscher: Hier Bedeitung ass esou kloer, datt ech elo an dësem Kader net well länger dorop agoen. Ausser vläit, datt zumindest eise monteren Ëmweltminister gären vermeintlech Etappenerfollger feiert. Hee fënnt et jo schonn en Etappenerfolleg, wann heen no 3 Joer eng Strategie vun der läschter Regierung nach eng Kéier iwwerschafft huet … vun der Ëmsetzung net ze schwätzen.

---

Ech well elo net alles schlecht rieden. Dat wäer falsch. D'Regirung huet **eng Rei gudd Saachen** an d'Wee geleed, déi mäer begréissen. Mais déi eenzel punktuell Verbesserungen ännere näischt un der Gesamtanalyse! Weder fir d'Transitioun hinzekréien, nach eiser Verantwortung gerecht ze ginn, nach fir gemaache Regierungsverspriechen anzehaalen. Mäer wäerten als Meco elo a ganz noer Zukunft eise Mecoskop – wou mäer d'Ëmsetzung vun de Regierungsverspriechen am Nohaltegkeetsberäich bewäerten - erausginn. Dee fällt leider am Moment nach ganz negativ aus fir d'Regierungsaarbecht, si setzen hier eege Verspriechen am Ablack leider bei wäitem net genuch ëm.

**A mäer als Meco mussen eiser Verantwortung gerecht ginn, an an dëser Situatioun méi wi je eng kloer Sproch schwätzen, eis d'Lag net méi scheirieden, vläicht och an engem gewësse Sënn méi radikal ginn.**

Mäer däerfen ob kee Fall fatallistesch ginn an elo – wéi leider zevill d'Stëmmung an de Medie wuar – virun allem driwwer schwätzen, wat mäer maache kënne fir eis dem Klimachangement jhust unzepassen. Eis nëmmen unzepasse wäer scho baal dekadent. Ech krut elo leider och an dëser Ried net déi X-konkret Propose duergeluecht, déi e.a. mäer als Mouvement Ecologique maachen, datt d'Transitioun gelénge kann – vun der Wärmeplanung, enger Gemeinwohlprämie an der Landwirtschaft, dem Biolandbau, engem méi u sozialer Gerechtegkeet an der Noutwéndegkeet eise Sozialsystem – an och eis Pensioune – méi onofhängeg vum fragile Wuesstëm ze maachen. Ech krut och net genuch unerkannt, datt mäer an enger Multikrisenzäit liewen.

Ma an dëser Ried soll bewosst de Bléck och op dat Grondsätzlecht geriicht ginn. An Häer Frieden, och wann dës Ried ganz kritesch ass, wësse mäer Är Präsenz ze schätzen. An et ass jo och gewosst, datt d'Politik zwar d'Verantwortung huet d'gesellschaftlech Verännerungen an d'Wee ze leeden, ma et och d'Ënnerstëtzung vun eis all, an och Akteure wéi d'Gewerkschafte brauch.

**Ech hat dës Ried mat der Spriecherin vun Psychologist for Future an dem Begrëff Trauer ugefangen. Jo, mäer sollen als Eenzelnen, als Gesellschaft, als Politiker:in, als Engagéierten, als Bierger:in derzou stoen, datt eis d'Problemer vun der héiteger Zäit alt depasséieren, veronsécheren, mäer net ëmmer direkt eng Léisung hunn, mäer sollen och bereed sinn an engem konstruktiven Austausch iwwert déi richteg Léisungen ze „streiden". Ma mäer sollen mat desto méi Entschlossenheet fir e positivt Zukunftsbild antrieden: Kloer an der Analyse, emphatesch an der Art a Weis wéi driwwer geschwat gëtt, konsequent an der Ëmsetzung an un d'Kraaft vun eis Menschen a Gesellschaft gleewen – an alles derfir maachen – fir de grousse Challenge awer nach hinzekréien.**

Ech weilt mat engem Zitat vun der Autorin *Judith Zeh ophaalen, déi* sënngemäss folgendes seet, ophaalen*: „Mäer all zesummen mussen d'Zukunft erëm méi an eis Käpp erakreien. Mäer däerfen se net dem Spillbal vu Räichen, engem Elon Musk, enger Lobby vu fossilen Energien an engem weider wéi bis elo iwwerloossen, déi eigentlech dat „bessert muer" jhust notzen, fir hieren eegene Räichtum."*